



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 06 MARS 2020

Réf. : 830x9d874



La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le  
Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 1754 du 22 janvier 2020 de Monsieur le Député Sven  
Clement

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 1754 du 22  
janvier 2020 de Monsieur le Député Sven Clement au sujet de l'archivage des SMS et courriels des  
ministres avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des  
Députés.

Sam Tanson  
Ministre de la Culture

**Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op déi parlamentaresch Fro n° 1754 vum 22. Januar 2020 vum Här Deputéierte Sven Clement**

Am Virfeld vun dëser Äntwert sief ze vermerken, datt déi systematesch Kollekt vun öffentlechen Archiven eréischt zanter dem Akraafttriede vum Archivgesetz, den 1. September 2018, méiglech ass. Fir déi öffentlech Archiven op eng efficace Manéier kënnen z'erfaassen, konzentréieren sech déi strategesch Efforten den Ament op d'Erstelle vun de sougenannten „tableaux de tri“. Fir d'Erstelle vun dësen tableaux de tri, an deenen e.a. festgehale gëtt wéi eng Dokumenter konservéiert ginn, gesäit d'Gesetz en Délai vu 7 Joer no séngem Akraafttriede fir.

Esou wéi d'Archivgesetz et virgesäit, evaluéieren d'Produzenten an d'Besëtzer vun öffentlechen Archiven, an Zesummenaarbecht mat den Nationalarchiven, den historeschen Intérêt vun hiren Archiven. D'Nationalarchive proposéieren doropshin en tableau de tri, dee vu béide Säite validéiert gëtt. D'Nationalarchive garantéieren déi poliitesch Neutralitéit bei der archivistescher Evaluatioun an d'Konservatiounsdecisiounen déi se proposéiere stinn am Interêt vun der demokratescher Transparenz an der historescher Recherche. De Conseil des archives kann, am Fall vun Decisiounen déi géint dës Interête verstousse géifen, saiséiert ginn.

Den Archivage an d'Konservatioun vun elektronischen Donnéeën ass eng vun de modernen Erausforderungen am Archivberäich. Mam CTIE a mat den Nationalarchiven huet de Staat en elektronischen Archivsystem an d'Liewen geruff, deem eng Konservatioun op laang Dauer, an a Konformitéit mat den internationale Normen erméiglecht. Mat dësem System ginn d'Integritéit, d'Authentizitéit, d'Perennitéit an d'Lisibilitéit vun den Donnéeën op Dauer garantéiert.